**Méindes, den 19ten Oktober 2020**

# Fichier Central – No engem Joer nach ëmmer e Faass ouni Buedem!

De Policedossier wërft och no engem Joer nach ëmmer Froen op. Obwuel op politescher Linn scho villes geschitt ass, gesäit et op Säit vun der Police nach ganz anescht aus.

Dateschutzbeoptraagten vun der Police verweist op eng net Zoustännegkeet a Punkto Schengen Information System, hellt sech selwer net un festgeluechten Delaien, a verweigert de Renseignement, wien op engem seng Daten zougegraff huet. Do derniewent krute mir besonnesch am Ufank vu verschiddene Leit d'Réckmeldung, dass an der Äntwert, déi se krute Feeler waren, wei zB Datumer déi an der Zukunft leien oder Leit déi als Zeie gehéiert goufen, awer als Täter duergestallt ginn. Och kruten Leit eng Äntwert, wou dra stoung, dass zwar Donnéeë fonnt goufen, déi der Persoun zougeuerdent kéinten ginn, mee si kéinten déi net eraus ginn, well de Gebuertsdatum an der Ufro géif feelen. An dat obwuel een eng Kopie vun der Carte d'identité matgeschéckt huet. Hei stellt sech d'Fro ob Police dës Ufroen iwwerhaapt uerdentlech beaarbecht oder einfach am Chaos ënnergeet. Vläicht ass der Police den Dateschutz och einfach egal oder ze lästeg.

Wei kann et sinn, dass een mëttlerweil, een Joer op eng Äntwert waarden muss? Dat ass een net akzeptéierbaren Mëssstand, deen dat Recht op Informatiounsfräiheet ganz einfach ad-absurdum féiert. Dës weideren, refuséiert Police eng Opleschtung ze ginn, wien op engem seng Donnéeë zougegraff huet. Zwar gëtt dat protokolléiert awer et gëtt engem net gesot. Anscheinend kritt een dat just matgedeelt, wann engem duerch en Dateschutzverstouss, e Schued entsteet. A wéi wann ech gelift, soll de concernéierten Bierger dat erausfannen, wann Police sech queesch stellt, an engem net seet wien dann elo Zougrëff hat?

Dat kritiséiere mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg staark. "Mir sinn der Meenung, dass de Bierger och doriwwer muss informéiert ginn, wéi eng Institutiounen op engem seng Donnéeën zougräift." sou den Sam Grüneisen vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg. "Mir fuerdere scho säit Joren, ee sougenannten "Datenbréif", wou de Bierger automatesch doriwwer informéiert gëtt, wéi eng Donnéeën eng Institutioun oder Entreprise iwwert een huet, firwat déi benotzt ginn a wien dorop zougegraff huet."

An dësem Kontext, wëlle mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg och nach eng Kéier dorop opmierksam maachen, dass eisen Internetsite fichiercentral.c3l.lu, deen mir zejoert zu dëser Affär publizéiert hunn, nach ëmmer funktionéiert an elo och Donnéeën, déi am Schengen Information System stinn, mat ugefrot ginn.

**(Presse)kontakt:**
**E-Mail:** info@c3l.lu / press@c3l.lu
**Telefon:** +352-27-40-20-30
**Web:** https://c3l.lu